# Verkéiersaccident mat Fahrerflucht an der Rue Bouillon an der Stad

RTL | Update: 09.01.2020 15:40




**D'Police sicht Zeien am Fall vun engem Accident an der Rue Bouillon an der Stad op der Héicht vum Kierfecht.**

E Mëttwoch de Moie géint 7.50 Auer krut en Auto eng Trottinette-Fuererin ze paken. D'Fra war op der Vëlosspuer ënnerwee, wéi e Gefier si gesträift huet. Doropshin ass si op de Buedem gefall a gouf liicht blesséiert.

Amplaz stoen ze bleiwen ass den Automobilist mat engem donkele Kombi a Richtung Kräizung Escher Strooss/Hollerecher Strooss weidergefuer.

All Informatioune si fir d'Police Gare/Hollerech ënnert der Nummer 244 44 1000.